



seriö derbäi sinn. Et geet hei ém de Prinzip. An dat anert: Selbstverständliche gjett d'Chamber do ageschalt an Dir kritt all Informationen, déi Der musst hunn, wat dat géif kaschten.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- ...en Devis gefrot, éier Der eppes décidiert hutt.

► **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères.- Dat anert,...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Oder?...

► **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères.- ...wat ech wollt soen, dat ass...

► **M. le Président**.- Här Bettel, loosst elo den Här Ausseminister seng Erklärunge ginn!

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et ass awer wouer. Et kritt een en Devis, éier een eppes mécht. Ech mengen, den Här Asselborn war awer laang genuch Buergermeeschter vu Stengefort, fir dat jo awer och ze wëssen.

► **M. le Président**.- Här Bettel, loosst elo wann ech gelift den Här Minister schwätzen!

► **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères.- Här Bettel, loosse mer seriö bleiwen. Mir sinn nach net beim Devis. Mir sinn elo hei bei enger Décision de principe, ob dat soll gemaach ginn oder net, an da kënnt herno dat, wat lech interessiert.

Ech wollt e Wuert nach soen, wat elo ganz seriö nach ass, wat den Här Braz ugeschnidden huet iwwert d'Debatt, wéi se gelaf ass a wéi se leeft. Ech sinn och mat lech averstanen - an Dir wësst dat, mir hunn an der Kommissioune kënne vläicht méi offen driwwer schwätzen -, dass déi Dokumentatioun, déi mer elo hunn, dass do dropsteet: „NATO - secret“. Bon, dat ass net eng Décisioun, déi mer zu Lëtzebuerg huelen oder eng Décisioun, déi ech huelen. Mä dat ass esou. Also kënne mer némme just iwwert d'Équilibre schwätzen, déi an esou engem Pabeier sinn, ouni elo de Pabeier kënnen hei op den Dësch ze leeën an ze soen: „Hei, dorriwwer gjett elo décidiert um Sommet vu Lissabon.“

Sou, zweetens: Dir hutt absolut Recht a mengen Aen an do muss en Émdenke kommen an dat ass menger Meenung no och amgaangen. Deen nächste Pabeier, deen erauskénn - dat ka schonn Enn der Woch sinn oder ufanks nächster Woch -, dee wäert net vill anescht sinn, mä dat gjett e Pabeier, dee viru Lissabon, a mengen Aen an och no mengen Informationen, öffentlech wäert dohinnergeliucht ginn, wou dann och eng Debatt kann driwwer stattfannen.

Ech mengen, do si mer op engem Wee, wou een trotzdem vill méi Ouverturé gesäit, wéi een dat nach vläicht virun e puer Joer gesinn huet, och bei der NATO. Déi Geheimnstuerei, déi Der jo och ugeprangert hutt, wann et net ém operativ Saache geet - ech mengen, dat ass eppes anescht -, mä iwwert d'politesch Ausrichtung vun der NATO, dorriwwer muss kënnen an all Parlament an aller Offenheet geschwat ginn an och an der öffentlecher Meenung kënne geschwat ginn. Well d'NATO ass jo och eppes, wat eng demokratesch Organisatioun ass, wou mir als Land dra sinn.

An ech géif vläicht soen, Här Hoffmann, dass...

#### (Interruption)

...misst sinn, okay, där Bündnisser gjett et nach oder ass et nach ginn. Mä ech wollt just soen, Här Hoffmann: Wann et d'NATO net géif ginn als Organisatioun, wiert Der dann averstanen a géift Der et gutt fannen, dass dann d'Amerikaner op hirer Säit, d'Fransousen op hirer Säit, déi Däitsch op hirer Säit, d'Engländer op hirer Säit sech géifen ém d'Défense vum Territoire bekümmeren, ouni dass eng politesch - an déi ass forcément militäresch, well et ém d'Défense sech handelt - Struktur géif bestoen, wouranner dat kéint diskutéiert ginn?

Dofir géif ech mengen, et ass menger

Meenung no awer trotzdem intellektuell falsch ze mengen: Wann et d'NATO net gjett, da sinn och keng Waffe méi op der Welt, mat deene mer eis musse ploen, si keng Problemer méi ze wälzen oder ze léisen, wéi mer eis Verteidegung uginn.

Ech wéll lech just soen, dass d'Lëtzebuerger, dass d'Lëtzebuerger Regierung déi Aussoe vum President Obama eescht hält. An ech hunn dat kuerz hei ugeschnidden, ech fannen et net gutt, net gutt - an dat soen ech, an dat musse mer och kenne soen -, dass ee Land, héchstwahrscheinlich némmeen ee Land, well d'Engländer si vill méi zréckhalend, ee Land drop setzt, dass an deem neie Strategiepabeier misst och stoe kommen, dass d'NATO och an Zukunft muss en nukleaart Element a sengem Pak hunn.

E Land hält dorrober, an do musse mer géigenargumentéieren. An ech muss soen, dass déi däitsch Positioun an och anerer, dass déi vill méi nuancéiert sinn, an dass Lëtzebuerg jo och am Kader vun der Benelux dee Bréif geschriwwen huet, mat Norwegen a mat Däitschland, fir ze soen, den nuklearen Waffenobbau an dee konventionelle Waffenobbau, mat alle Konsequenzen, déi et huet.

Denke mer och un Transnistrien, denke mer un Nagorny Karabach, denke mer un allegueren déi Problemer, déi an der Welt

bestinn an déi eng Kéier schonn op engem Sommet vun der NATO, nämlech dee vun Istanbul, sollte gelést ginn, dass mer do och derhannert kommen. An duerfir, losse mer do konsequent sinn. Ech mengen, dass mer och als Lëtzebuerg eis Stëmm müssen erhiewen an op jidde Fall op der Säit vun deene stoen, déi soen: D'Welt ouni, oder mat null Nuklearwaffen, ass méiglech.

Dat ganzt Potenzial, wat een do kéint spueren, an et géif een dat an d'Entwicklungshilfe ginn, dat mengen ech géif der Preventioun vun de Kricher vill méi notzen, wéi allegueren d'Atomwaffen op der Welt zesummen. Mä losse mer awer dorrober hischaffen a versichen eise klänge Kärchen do mat báizeleeën, dass mer dohinner kommen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Ausseminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen dann elo zum Projet de loi 6136, e Stabilisatiounsofkommes téschent der EU a Bosnien-Herzegowina. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht a bis elo huet sech kee Riedner ageschriwwen. Duerfir kritt elo d'Wuert den Här Ben Fayot als Remplaçant vum Rapporteur vum Projet de loi. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. 6136 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Bosnie-et-Herzégovine, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 16 juin 2008

*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration*

► **M. Ben Fayot** (LSAP), rapporteur, remplaçant M. Marc Angel.- Här President, ech wollt mech bei de Kolleggen a Kolleginnen entschéllegen, dass ech elo fir déi drëtte Kéier de Mëttetg hei erschéngé, mä ech sinn eigentlech net ech, ech sinn den Här Angel, deen,...

#### (Hilarité)

..wéi gesot, Rapporteur vun désen zwee Projeten ass, vum Projet 6136 an 6156.

Den Här Angel ass fir d'NATO-Parlament am Westbalkan a Missioun, méi genee zu Skopje an engem Seminaire, deen en och dirigéiert. E geet duerno op Belgrad. En ass also an deem Kontext vun dése Projete politesch aktiv an e konnt dat och net verleéen. Sécher ass et schued, dass hien dat net konnt maachen, well hien ass eise Spezialist an der aussepoltischer Kommission fir déi Konventionen a fir déi ganz Problematik vun deene Länner um Westbalkan.

Här President, souwält ech verstanen hunn, maache mer jo déi zwee Projete beieneen, een nom aneren. Et handelt sech hei ém zwee Accorden, zwee Projeten, déi eng Ratifikatioun vun Accords de stabilisation et d'association mat zwee Länner vum Westbalkan behandelen. Dat eent, dat ass Bosnien-Herzegowina, an dat anert, dat ass Serbien. Dat sinn eigentlech déi zwee lescht Länner, mat deene mer sougenannt ASAen elo ratifizéieren.

Ech wéll just drun erënneren, dass 1999, no deem ganze schrecklechen Duercherneen op dem Westbalkan, d'Europäesch Unioun e sougenannte Processus de stabilisation et d'association fir déi Länner um Westbalkan lancéiert huet. Et sollt e Partenariat ginn, fir déi Géigend erém ze stabiliséieren, déi 1990 duerch d'Ausenanerbriechen vu Jugoslawien entstanen ass, fir also déi Region ze stabiliséieren an, à terme, eng Zone de libre échange opzebauen.

D'Instrumenter dovunner waren eben deen Accord de stabilisation et d'association, plus selbstverständliche sougenannte Programme d'assistance, verschidde Programmes d'assistance, déi dann 2007 zu engem Instrument d'aide de préadhésion gi sinn. En Instrument d'aide de préadhésion, well sät 2000 um Conseil européen zu Feira an och duerno reconfirméiert, zum Beispill um Conseil européen vun Thessaloniki 2003, all déi Länner vum Westbalkan de Statut vu potentielle Kandidate fir d'Adhésion un d'Europäesch Unioun kritt hunn. Dat heesch also, dass se eng Perspektiv vun Adhésion un d'Europäesch Unioun kritt hunn als europäesch Länner.

Deen Accord de stabilisation et d'association, dee soll och erlaben ze kucken, wéi déi Länner sech entwéckelen, ob déi Länner prett sinn, fir zur nächster Etapp iwwerzegoen, dat heesch vum Statut vum Candidat potentiel à l'adhésion zu engem Statut vun effektive Kandidaten, déi dann an d'Négociation d'adhésion géifen antrieben, fir an d'Europäesch Unioun eranzekommen. Dir wësst, dass all déi ASAe mat Mazedonien, mat Montenegro, mat Albanien elo scho ratifizéiert an énnerzéechent sinn, an dass déi hei zwee, déi mer den Owend hei behandelen, dass dat déi lescht sinn.

Bosnien-Herzegowina ass sécher vun deenen zwee dat schwierigest Land. Dir erénnert lech, dass duerch den Accord de paix vun Dayton 1995 dee Krich an deem Land opgehale ginn ass. E Land vun 3,6 Milliounen Awunner, wou an den 90er Joren téschent 100.000 an 200.000 Leit doutgemaach gi sinn an ém zwou Milliounen Leit geflüchtet sinn, énner anerem an aner Länner an Europa. Dir erénnert lech un déi grouss Flüchtlingswell, déi jo och Lëtzebuerg touchéiert huet.

## Chamber TV

### weist all öffentlech Sétzung live an integral

An der Gemeng Bartreng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Biermereng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Biwer an zu Wecker um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bous um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Conter um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dikrech um Kanal S19 / 287.25 Mhz

•

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Gréiwemaacher um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hiefenech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Iermisdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Miedernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Walfer um Kanal S29 / 367.25 Mhz



# SÉANCE 4

MERCREDI, 20 OCTOBRE 2010

No dem Accord vun Dayton huet dat Land sech nei strukturéiert. Et ass, wéi Der wésst, e Stat mat zwou Entitéiten, enger-säits d'Federatioun vu Bosnien-Herzegovina an anerersäits d'Republika Srpska. Doranner liewen zesummen dräi verschidde Völker, d'Serbo-Bosno-Kroaten, d'Bosno-Serben a Bosniaken, an déi Struktur, déi do geschaf ginn ass, déi funktio-néiert schlecht a recht, oft méi schlecht wéi recht.

Dir wésst och, dass et do nach eng militäresch Präsenz gëtt. Engersäits war jo d'Europäesch Unioun do, an anerersäits ass och eng Mission de police do gewiescht, déi allerdéngs 2008 opgehal huet. An d'Mission militaire, EUFOR ALTHEA, do ass och e Létzebuerger Ênner-offizier, deen an engem Bureau logistique vum Quartier général schafft, wou mer also als Létzebuerger och probéieren ze hëllef, déi Sécuritéit an d'Stabilitéit op deem Plang festzehalen.

Bosnien-Herzegowina kritt och finanziell Héllef am Kader vun deem Instrument d'aide de préadhésion. Dat si vun 2011 virgesi bis 2013 328,7 Milliounen, fir eben en Opbau vun engem Stat, eng Gouvernance ze bauen. An Dir wésst och, dass dat Land en Haut-Représentant huet, dee ganz wäitreichend Kompetenzen huet, fir Décisiounen ze huelen, déi net vun deene Strukturen, déi et an deem Land gëtt, geholl kënne ginn. Zum Beispill déi Décisioun, fir eng gemeinsam Police opze-bauen, déi ganz schwéier ze erreeche war, well déi verschidden Elementer vun deem Vollek dat net erreeche konnten.

Bosnien-Herzegowina ass haut nach en zimlech schwaacht a gedeelten Land. Et huet vill intern Schwierigkeiten, fir eben esou eng multi-ethnesch Communautéit ze bilden. An déi Rapporte vun der Europäescher Kommissioun iwwert déi Länner, déi hunn och nach 2009, 2010 gesot, dass d'Progrès vu Bosnien-Herzegowina ganz limitiéiert sinn, dass awer d'Kooperatioun mam Tribunal pénal international méi oder wéineger zefridde stellend ass, dass awer d'Économie de marché zwar viabel ass, mä dass do och wéineg geschitt. Et ass also e problematescht Land, wat och Member iwwregens vum Conseil de l'Europe ass, wou och Problemer iwwert dat Land fest-gestallt ginn.

Dat gesot, ass et awer, mengen ech, ons Flicht, fir désem Accord de stabilisation et d'association zouzestëmmen, déi Ratifikasioun also virzehuelen, well et ass déi een-zeg Méiglechkeet, fir esou e Land lues a lues aus de Problemer erauszeféieren.

## 5. 6156 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Serbie, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 avril 2008

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Ben Fayot (LSAP)**, rapporteur, remplaçant M. Marc Angel.- Deen zweete Projet, de Projet 6156 iwwert den Accord de stabilisation et d'association mat Serbien, ass vläicht e bësse méi - wéi soll ech dat soen? - zukunftsträchteg an deem Senn, dass zwar Serbien jo och grouss Problemer

hat, besonnesch an där staark nationalis-tescher Phas ènnert dem Här Milošević, mä dass an der Zwëschenzäit dat Land awer sech och zu Europa hi geriicht huet. D'Wahle vun 2008 hunn eng proeuropäesch Regierung ervirbruecht, déi sech fir eng Unnäherung un d'Europäesch Unioun entscheed huet.

De Problem vu Serbien ass nach èmmer de Kosovo, dee Serbien a senger Verfassung als en Deel vu Serbien betreucht. Dir erën-nert Iech, dass den Avis vun der Cour internationale de justice vum Juli 2010 gesot huet, dass d'Indépendance, d'Erklärung vun der Indépendance vum Kosovo rech-tens wier, dass Serbien an der UNO, an der Assemblée générale zwar nach eng Motioun virgeluecht huet, déi awer elo méi Hoffnung gëtt, dass téschent Serbien an dem Kosovo eng Kéier eng Eeneneg ka stattfannen.

De Rapport vun der Kommissioun iwwert d'Entwicklung vu Serbien ass positiv, eischter positiv, souwuel wat d'Economie ugeet; selbstverständlech huet Serbien nach en décke Problem mat de Strukturen, de wirtschaftleche Strukturen, déi misste privatiséiert ginn, fir dass wierklech do och eng Economie entsteet, déi kompetitiv ass an déi kënnt an engem Marché intérieur bestoen.

Dir wésst och, dass et och a Serbien nach Problemer gëtt vun engem extremen Nationalismus. Et gëtt awer och gesot vun der internationaler Communautéit, dass d'Zesummenarbecht mat dem Tribunal pénal international vu Jugoslavien positiv ass. Dat sinn also déi Haaptursaachen.

Am Rapport vum Här Angel fannt Der vill Detailer iwwert d'Geschicht vun deenen zwee Länner, iwwert d'Entwicklung vun dem Rapprochement vun deenen zwee Länner mat Europa. Dat sinn europäesch Länner, déi zwee. Et sinn also och Länner, déi eigentlech zu ons gehéieren. An ech mengen, fir dat Gläichgewiicht am Süd-westbalkan wéi och d'Stabilisatioun an deene Länner, d'Perspektiven, déi een de Mënschen do ka ginn, fir eng Aarbeits-plaz ze fannen, fir a Fridden an a Rou ze liewen, bréngt et mat sech, dass deen En-gagement vun der Europäescher Unioun iwwert déi Accords de stabilisation et d'ad-hésion, iwwert déi finanziell Héllef, fir déi Länner ze entwéckelen, dass deen noutwendeg ass, fir dat ze erreechen. An duerfir géif ech lech bieden, am Numm vum Här Angel, fir dësen zwee Projeten zouzestëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Fayot, deen also elo de Rapport iwwert déi zwee Projete gemaach huet, den 6136 an den 6156. Ech ginn doven aus, datt den Här Rapporteur esou komplett war, datt kee méi de Besoin huet, nach eppes derbäi ze soen. De Minister ass och iwwerzeegt vun den Aussoe vun dem Här Fayot, sou datt ech géif proposéieren, datt mer d'Diskussioun iwwert déi zwee Projets de loi géifen domadder ofschléissen. De Vote ass fir muer de Mëttag, direkt am Ufank vun der Sitzung, ém hallwer dräi program-méiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn also domadder um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Muer kënnt d'Chamber erëm ém hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.16 heures)

## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Létzebuerger Journal,  
Zeitung vum Létzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:  
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:  
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## Sommaire des séances publiques n°s 3 et 4

Allocution de bienvenue	p. 19
Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés	p. 19
Communications	p. 19
6205 - Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution et	
6206 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée au 18 février 2003	p. 19
Ordre du jour	p. 19
Résolution «zum beschleunigten Ausbau der Moselschleusen»	p. 19-20
Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 97/9/CE du Parlement européen et du Conseil relative aux systèmes d'indemnisation des investisseurs - COM (2010) 371	p. 20
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°81 du 19 octobre 2010 de M. Mill Majerus relative à l'utilisation des couloirs pour bus par le personnel soignant des réseaux «Help» et «Stiftung Hëllef Doheem», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 20-21
Question n°82 du 18 octobre 2010 de M. Fernand Etgen relative aux critiques des syndicats du secteur agricole luxembourgeois sur la situation critique dans laquelle se trouvent un bon nombre d'exploitants, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural	p. 21
Question n°83 du 19 octobre 2010 de M. Marc Lies relative à l'impact de l'aménagement du ban de Gasperich sur le trafic dans la commune de Hesperange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 21-22
Question n°84 du 19 octobre 2010 de M. Camille Gira relative à l'impôt commercial, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région	p. 22
Question n°85 du 19 octobre 2010 de Mme Martine Mergen relative à l'introduction d'un examen médical préventif à l'âge de 50 ans chez l'homme, qui remplace-rait l'ancien examen obligatoire pour la prolongation de la validité du permis de conduire, adressée à M. le Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale	p. 22
Question n°86 du 19 octobre 2010 de M. Jean Colombera relative aux autorisa-tions de transfert à l'étranger, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale	p. 22-23
Question n°87 du 18 octobre 2010 de M. Eugène Berger relative à la pollution des sols dans les alentours de l'aire de Berchem, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 23
Question n°88 du 19 octobre 2010 de M. Claude Adam relative à la prise en charge des élèves affectés d'un handicap et à besoins éducatifs spéciaux par l'Éducation différenciée, le nombre d'enfants inscrits et l'évolution prévue de cette filière, adres-sée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle	p. 23
Question avec débat n°14 de M. Jean Colombera relative à l'utilisation thérapeu-tique du cannabis	p. 23-24
5939 - Projet de loi portant réorganisation de la Chambre de Commerce (second vote constitutionnel)	p. 24-25
Interpellation de M. Gast Gibéryen sur le corps des sapeurs-pompiers: analyse de la situation actuelle et des défis majeurs résultant d'un environnement économique et social en mutation. Ébauche des initiatives politiques et législatives qui s'imposent	p. 25-33
Débat de consultation au sujet des lignes directrices de la réforme des classes supé-rieures de l'enseignement secondaire et secondaire technique	p. 33-44
Ordre du jour	p. 44
Débat de consultation sur le nouveau concept stratégique de l'OTAN	p. 44-50
6136 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'associa-tion entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Bosnie-et-Herzégovine, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 16 juin 2008	p. 50-51
6156 Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Serbie, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 avril 2008	p. 51



## Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsday vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Actualité
- Organisation et fonctionnement
- Travail à la Chambre
- La Chambre et l'UE
- La Chambre et vous